

# OP DE PUNKT.

Dezember 2022

JONGLËNSTER

## CSV EQUIPE FIR D'GEMENGEWALEN 2023

V.l.n.r. : Santana Colette; Abdelader Karina; Dr. Uwizeye-Ernzen Marie Louise; Trierweiler Philippe; Hinkel-Tadaszak Mireille; Schlesser Gilles; Schmitz Raphaël; Emeringer Gilles; Mousel Fabrice; Weber Tom; Frank Carole; Boden Jean; Weber Mich

## LÉIF LEIT,

An de leschten 18 Joer war d'CSV maassgeeblech dru bedeelegt fir eis Gemeng ze gestalten a virun ze bréngen. Ech hat d'Méiglechkeet mech mat Iddien a ville Projete mat anzebréngen an dorop sinn ech houfreg. Den neie PAG war eng vun de groussen Erausfuerderungen a wärend där Zäit hunn ech eis Gemeng an iech, léif Leit, besser kenne geléiert. Donieft si bal an allen Dierfer eis Infrastrukture verbessert oder erneiert ginn. Ouni eng gutt an erfollegräich Mataarbecht vun eise Servicer vun der Gemeng wier dat net méiglech gewiescht. Hinnen alleguerten, Merci. E grousse Merci geet och un all Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot mat deenen ech zesumme geschafft hunn. E spezielle Merci un eise CSV-Comité, op deen ech mech ëmmer konnt verloossen.

Wichteg Projete waren d'Maison Relais zu Gonnereng an an der Buerg. Mat der neier Maison Relais zu Lënster, enger Naturcrèche, enger Museksschoul op Fréinen, dem Ausbau vun der Grondschoul zu Lënster sinn ambitiéis Projete fir eis Kanner op d'Schinn gesat ginn. Mam neie Wee, der participativer Abannung vun de Bierger aus der Gemeng, soll d'Zesummeliewen nach méi geférdert ginn.



ROMAIN REITZ

DEUTSCHE FASSUNG
VERSION FRANÇAISE
ENGLISH VERSION

An deene leschte 6 Méint, als Buergermeeschter, wäert ech mat der selwechter Motivatioun an Ambitioun, wéi bis elo, weiderfueren.

Op der CSV-Kandidatelëscht fir d'Gemengewale vun 2023 wäert ech dann net méi dropstoen. Ech hunn decidéiert méi Zäit mat menger Famill a menge Frënn ze verbréngen. Ech blécken op eng erfollegräich an erfëllten Zäit vu 4 Joer Conseiller, 8 Joer Schäffen an 8 Joer Buergermeeschter zréck. Ech hunn dat gär, mat vill Freed an zu 100% gemaach.

Deem neie Spëtzekandidat vun der CSV, dem Raphaël Schmitz mat senger kompetenter a neier Equipe, wënschen ech vill Succès, Ausdauer an och en 100%tegen Asaz fir d'Bierger vun eiser Gemeng.

An iech, léif Leit, villmools Merci elo scho fir déi schéin Zäit, déi ech mat iech zesummen hat.

# LÉIF MATBIERGERINNEN,
# LÉIF MATBIERGER,

Ee Joer ass elo scho bal vergaange säit ech d’Éier hunn, dem Françoise Hetto-Gaasch als Schäffen duerfen nozeréckelen. Et war e kuerzt awer extrem intensiivt Joer an deem ech vill geléiert an och vill gestaunt hunn. D’Organisatioun vun enger Gemeng ass komplex an d’Aarbecht als Schäffe villfälteg an interessant. Beandrockt huet mech  d’Kompetenz an d‘Hëllefsbereetschaft vun eise Gemenge Mataarbechter bei der Ëmsetzung an dem Suivi vun eise Projeten an Aktivitéiten, esou wéi deen enormen Engagement vun alle Benevole fir hir Veräiner.

Besonnesch eisem Buergermeeschter, dem Romain Reitz, sinn ech dankbar fir seng Disponibilitéit a seng Ënnerstëtzung. Ech bewonnere säi Wëssen,  a seng empathesch Aart a Weis fir jiddereen do ze sinn an no Léisungen ze sichen.

***Merci Romain !***

Den 11. Juni 2023 si Gemengewalen an dat ass geschwënn. Dofir sinn ech immens frou, datt mir et fäerdeg bruecht hunn eng Equipe opzestellen, déi der mënschlecher Diversitéit vun eiser Gemeng gerecht gëtt, eng Equipe, déi genee esou ënnerschiddlech Kompetenzen huet, an déi Loscht huet mat Iech zesummen d’Zukunft vun eiser schéiner Gemeng ze gestalten.

Dofir invitéieren ech Iech, eis Equipe op deenen nächste Säite kennen ze léieren. Mir géifen eis freeën, wa mir Iech an deenen nächste Wochen a Méint perséinlech begéine kënnen, wou Dir eis Är Uleies an Iddie matdeele kënnt.

Ofschléissend wëll ech Iech an äre Léiwen nach ganz schéi Feierdeeg an eng gutt Gesondheet am neie Joer wënschen.




Mäin Numm ass Raphaël Schmitz, ech hunn 48 Joer a liewen zanter 1986 an der Gemeng. Ech si bestuet an hunn e klenge Bouf vu 5 Joer.

Als Ergotherapeut a Wildnispädagoge, interesséieren ech mech besonnesch fir alles wat mam Thema Gesondheet an Natur ze dinn huet. Meng Fräizäit verbréngen ech momentan am léifste mat Famill a Frënn, mat Joggen, Vëlo, Fussball a Schwammen. Zënter 2017 sinn ech am Gemengerot a vu Januar 2022 un, sinn ech de Nofollger vum Françoise Hetto-Gaasch am Schäfferot ginn.

Nieft enger nohalteger Gestaltung vum urbane Raum, dem Erhale vum Duerfcharakter an den Uertschaften, gesinn ech e respektvollt Zesummeliewe vun eis all als grouss Erausfuerderunge fir d’Zukunft.




Mäin Numm ass Karina Abdelkader an ech wunnen zënter 30 Joer an der Gemeng Jonglënster. Ech hunn e Bachelor an “Applied Management” mat enger Spezialisatioun am Banking an ech schaffen am Bankesecteur. Ech si bei der European Investment Bank (EIB) beschäftegt.

Ech interesséiere mech fir all d’Problemer, déi de Klima betreffen, a besonnesch fir zukünfteg Léisungen. Donieft interesséieren ech mech och fir Sport, Musek a Konscht am Allgemengen a sinn aktuell Presidentin vun der Kulturkommissioun vu Jonglënster.

Ech wëll am Beräich vun der Diversitéit mäi Bäitrag leeschten a virun allem nei a konstruktiv Iddie fir eis Gemeng abréngen.




Mäin Numm ass Jean Boden, 61 Joer, si Comptabel vu Beruff, bestuet a Papp vun zwee Kanner, wunnen zu Gonnereng.

An der Gemengepolitik sinn ech zënter 2006, a fir d‘CSV am Gemengerot zënter 2009. Et mécht mir Freed mech fir ons dynamesch an innovativ Gemeng ze engagéieren. Dëst maachen ech besonnesch an de Beräicher Ëmwelt, Klima an Energie, respektiv am schouleschen- an am Finanz Beräich. Mir hunn eng schéi Gemeng mat enger grousser Offer, wou et sech gutt liewe léisst, an ech probéieren hei main Deel dozou bäizedroen, datt dëst och esou bleift.

Meng Fräizäit ass fir meng Famill a Frënn, Sport, Natur, Musek a flott Lektüren.




Mäin Numm ass Gilles Emeringer, ech hunn 43 Joer a wunne mat menger Fra a mengen 2 Kanner zu Gonnereng. Ech engagéiere mech a verschiddene Veräiner, a war schonn an der Bierger Musek an dem Lënster Fussball aktiv. Aktuell sinn ech President vun der Elterevereenegung vu Gonnereng.  Ech schaffen als Ingenieur bei der Lëtzebuerger Arméi am Beräich Kommunikatiouns- an Informatiounstechnologien.

Ech well mech engagéiere fir an eiser Gemeng aktiv matwierken ze kënnen an dës mat ze gestalten. Besonnesch um Häerz leie mir d’Mobilité douce, d’Energietransitioun, d’Kanner an déi sozial Kohesioun. Ech wëll hëllefen eis flott an dynamesch Gemeng weider ze entwéckelen a fit fir d’Zukunft ze maachen.




Mäin Numm ass Carole Frank, 49 Joer, Mamm vun engem Meedche vun 13 Joer a wunnen zu Jonglënster. No 25 Joer Erfahrung als Infirmière an der Zithaklinik schaffen ech elo am CIPA zu Jonglënster.

Als laangjärege Member vun der CSV hunn ech mech änner anerem 2005 als Kandidatin bäi de Gemengewalen an der Stad engagéiert.

A mengem Beruffsalldag ass et wichteg de Mënsch an de Mëttelpunkt ze stellen, nozelauschteren, Entscheedungen ze treffen a Responsabilitéit ze droen. Deemno well ech mech och an der Gemeng fir d'Uleies vun de Bierger vun alle Generatiounen asetze fir ee gutt Zesummeliewen an der Gemeng unzestriewen a Liewensqualitéit ze verbesseren.




Mäin Numm ass Mireille Hinkel-Tadaszak, ech si 54 Joer al, bestuet a Mamm vun 3 erwuessene Kanner.

Duerch meng Aarbecht als selbstänneg Bezéiung- a Familljeberoderin, mä och als Presidentin vun der Sozial-, Senioren- a Chancëgläichheetskommissioun gesinn ech ëmmer erëm, wéi wichteg et ass, d'Mënschen an hirer Individualitéit wouerzehuelen, si awer gläichzäiteg als Deel vun eiser Gesellschaft ze respektéieren. Dofir setzen ech mech fir eng diversifiéiert Politik an, an enger Gemeng wou „Gemeinschaft" gelieft gëtt a wou mir zesummen d'Ufuerderunge vun der kommender Zäit kënne meeschteren.







Mäin Numm ass Fabrice Mousel, ech hunn 43 Joer a wunne säit 5 Joer zu Jonglënster. Ech sinn Assistant social vu Beruff, hunn an der Belsch an am Kanada studéiert a mech op d'Santé mentale spezialiséiert. Ech schaffen an engem Spidol mat Jonken an hire Familljen. A mengem Beruff sinn ech dagdeeglech domadder konfrontéiert Léisungen ze fanne fir ganz schwiereg mënschlech Situatiounen. Meng Fäegkeete probéieren ech och fir d'Leit a menger Gemeng anzesetzen. Säit 2 Joer sinn ech an der Integratiounskommissioun vun eiser Gemeng engagéiert.

A menger Fräizäit sinn ech sportlech aktiv, technesch interesséiert an engagéiere mech éierenamtlech fir jonk Leit.




Ech sin d'Colette Marmann-Santana, bestuet, Mamm vun 2 Bouwen, Sekretärin a wunnen zu Guedber.

Duerch mäin heefege Kontakt zu eelere Leit, ass mer opgefall, datt net jiddereen Zougang zu sozial Kontakter huet an oft ännert dem Zoustand vum Elengsinn leid.

An däser sozialer Isolatioun kéint jidderee vun eis sech erëmfannen. Mir ass et wichteg, datt jiddereen dee Schwieregkeeten huet u gemeinsamen Aktivitéiten deel ze huelen, eng Méiglechkeet gebuede kritt fir trotzdem wäertvoll Zäit mat anere Leit ze verbréngen. Ech interesséiere mech fir aner Kulturen a verbrénge gär meng Fräizäit mat Famill a Frënn.




Ech sinn de Gilles Schlesser, 54 Joer jonk, bestuet, Papp vun 2 léiwe Bouwen a liewen zënter 20 Joer an eiser schéiner Gemeng. Ech hu Wirtschaft a Finanzen zu Stroossbuerg studéiert a schaffen zënter 25 Joer op nationalem Plang an der Innovatioun- a Wirtschaftsentwécklung.

Als President vun der Bautekommissioun a Member vun der Integratiounskommissioun a vum Klima Team engagéieren ech mech fir eis Gemeng attraktiv an nohalteg ze gestalten. Bezuelbare Wunnraum fir déi Jonk, modern Infrastrukturen, e coole liewegen Zentrum, méi Gesondheetsférderung an Zesummenhalt leie mir um Häerz.




Mäin Numm ass Philippe Trierweiler, ech hu 44 Joer, si gepacst a Papp vun engem 8 järege Meedchen.

Zënter Januar 2022 sinn ech Member vum Gemengerot an et mécht mir als Lënster Jong immens Freed eis Gemeng dierfe mat ze gestalten an ze hëllefen, eis Dierfer esou weider ze entwéckelen, datt d'Leit gären an hirer Gemeng wunnen.

Ech si Schoulmeeschter vu Beruff a gesinn am Alldag wéi wichteg d'Wuelbefanne vun eise Kanner a Jugendlechen ass. Dëst läit mir um Häerz an ech wëll mech weiderhi staark dofir asetzen. Dëst gëllt och fir d'Stäerke vum Veräinsliewe mam Opwäerte vum Benevolat, respektiv d'Verkéiersberouegung an eisen Dierfer an d'Finaliséiere vun engem Mobilitéitskonzept fir d'Gemeng.




Je m'appelle Marie Louise Uwizeye Ernzen, je suis mariée et mère de deux enfants. Je suis née au Rwanda et j'habite à Junglinster depuis 9 ans.

Après mon master en développement durable et sciences de l'environnement, j'ai travaillé 5 ans dans la recherche sur les eaux usées. J'ai ensuite obtenu mon diplôme de doctorat en sciences de l'ingénieur et travaille actuellement en tant qu'ingénieure pour un bureau d'études luxembourgeois.

Durant mes études et ma carrière professionnelle, je me suis toujours intéressée aux sujets de l'environnement et l'énergie. Au vu des changements climatiques ici et ailleurs, je souhaite m'engager activement pour une protection et gestion efficaces de la nature.




Ech sinn de Mich Weber, wunne zënter menger Gebuert zu Lënster an hunn 22 Joer. Nom Bachelor a Politikwëssenschafte sinn ech zu Bréissel bliwwen an hunn dëse September mäi Master an 'International Relations' ugefaangen.

Zanter deem ech 15 Joer hunn, sinn ech als Benevole bei der Croix-Rouge engagéiert. Vu klengem un, sinn ech aktive Museker an der Lënster Musek an Acteur an de Lënster Theaterfrënn'93. Aktuell sinn ech och mat vollem Engagement President vum Cercle des étudiant.e.s luxembouregois.e.s zu Bréissel. Meng Prioritéite leie ganz kloer bei de Jonken, der Nohaltegkeet an onse Veräiner.







Mäin Numm ass Tom Weber, ech hunn 41 Joer, si bestuet, hunn zwee Kanner, a wunnen zu Eeschler. Ech hunn Droit a Politikwëssenschafte studéiert a schaffen als Jurist fir een Etablissement public an der Stad.

Ech sinn 2017 an de Gemengerot vun eiser schéiner Gemeng gewielt ginn. Déi Aarbecht fannen ech immens flott, well se mir d'Méiglechkeet gëtt, mech fir d'Uleies vun eise Matbiergerinnen a Matbierger anzesetzen, a Saachen an der Gemeng konkret mat ze gestalten. De Logement, besonnesch fir déi Jonk, d'Nohaltegkeet, d'Accessibilitéit an ee gutt Zesummeliewe si fir mech prioritär Dossieren, wou ech mech weider asetze wëll.

Meng Fräizäit verbréngen ech gär mat menger Famill a menge Frënn.




V.l.n.r. Boden Jean; Santana Colette; Weydert Marc; Saska-Toussaint Chantal; Frank Carole; Weber Mich; Trierweiler Philippe; Weber Tom; Schmitz Raphaël; Dr. Uwizeye-Ernzen Marie Louise; Schlesser Gilles; Hinkel-Tadaszak Mireille; Emeringer Gilles; Mousel Fabrice; Abdelkader Karina; Reitz Romain. Et feelen op der Foto: Eberhard Pierre; Feltes Jean-Claude; Feltes Jessica; Gros Patrick; Muller Pierre; Schuller Michel; Weber Marco; Weydert Patrick, Kling Florent.



**Wir wünschen allen Einwohnern**
**Frohe Weihnachten & ein glückliches neues Jahr!**

**Nous souhaitons à tous les habitants**
**un joyeux Noël & une bonne et heureuse nouvelle année!**

**We wish all citizens**
**a Merry Christmas & a Happy New Year!**

